



Luxembourg, le 02 AVR. 2021

**REÇU**

Par Christine Wirtgen , 11:39, 02/04/2021

A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :  
Francine May  
247- 84687  
qp@msi.etat.lu

**Objet : Question parlementaire n° 3799 du 8 mars 2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet a vun der Madamm Paulette LENERT, Gesondheetsministesch zu der parlamentarescher Fro n° 3799 vum éierbaren Deputéierten Här Laurent Mosar**

**Ad 1)**

All Samschden zënter dem 2. Januar 2021, organiséieren verschidde Matbierger reegelméisseg Manifestatioune fir géint di aktuell Regierungspolitik an d'Coronamesuren ze demonstréieren. Dës Manifestatioune ginn also ëmmer vun deene selwechte Leit reegelméisseg organiséiert, se huelen awer net zou.

**Ad 2)**

D'Police iwwerpréift am Virfeld ëmmer, ob déi Manifestatioune mat den néidege sanitären Oplagen säitens den zoustännegen Autoritéiten autoriséiert sinn. Virun de Manifestatioune fannen déi noutwenneg Uweisungen säitens der Police statt. D'Police ass zoustänneg fir den Ordre public z'assuréieren, de geplangten Oflaf vun der Manifestatioun an datt et net eskaléiert, spriech zu Infraktiounen kënt (Gewalttätigkeit, etc.). Bis elo ass dëst och nach net virkomm bei deenen dote Manifestatiounen.

Falls Verstéiss géint déi sanitär Obligatioune festgestallt ginn, gëtt den Organisateur protokolléiert an de Rapport/PV geet un de Parquet Lëtzebuerg. Dëst wor och systematesch de Fall an der Vergaangenheet bei deenen dote Manifestatiounen. Erschwéierend kënt hei derbäi, datt Leit aus deene Manifestatiounen medizinesch certifiéiert Exemptiounen par rapport zum Port de masque hunn.

Déi judiciaire Autoritéiten huelen dann déi fir si appropriéiert Décisiounen. Déi administrativ Autoritéiten ginn och hirersäits am Nachhinein säitens der Police iwwert den Oflaf informéiert an huelen dann och déi vun hinnen als appropriéiert estiméiert Mesuren.

D'Asazkonzept vun der Police ass generell ëmmer deeskaléierend a respektéiert déi elementar Reegelen vum Rechtsstaat, vun der nationaler Constitutioun a vun der Déclaration des Droits de l'Homme. Et muss ëmmer de Prinzipie vun der Proportionnalitéit vun den agesate Mëttelen an der absoluter Noutwennegkeet vum Usage de la force Rechnung gedroe ginn am Hibleck op d'Opléise vu legal autoriséierte Manifestatiounen, well dat oft just duerch Zwangsmëttel a Gewalt géif goen.

Et muss een de sécheren Risk vu Blessuren souwuel bei de Manifestanten wéi bei de Polizisten, an eventuell souguer bei Onbedeelegten ofweien par rapport zum Ausstelle vu Convocatiounen, wou déi eenzel Leit opgefuerdert ginn, fir Suen ze iwwerweisen wéinst engem Non-respect vun sanitäre Reegelen.

Déi aktuell legal Texter (Constitutioun, Code Pénal, loi anti-COVID, loi PGD, etc.) ginn den zoustännegen Autoritéiten net déi neideg Rechtssécherheet fir sou Rassemblementer einfach opzeléisen. D'Police constatéiert an deem Fall d'Infraktiounen an gëtt se un d'Justizautoritéite weider.

Wann et natierlech sollt säitens de Manifestanten zu Gewalttätigkeete kommen, kann d'Police ëmmer op Basis vun der Légitime défense a vum Policegesetz proportional Gewalt uwennen an eventuell d'Manifestatioun opléisen, mee dat wor bis elo nach net de Fall.

**Ad 3)**

D'Moyenen déi d'Police aktuell huet sinn déi generell Constatatiounen, déi se am Kader vun der Loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ka maachen. Falls Verstéiss géint déi sanitär Mesuren vun de Beamten festgestallt ginn, egal ob elo bei sou Manifestatiounen oder an

engem anere vum Gesetz virgesinne Kontext, gëtt d'Feststellung vermëttels AT/Convocatioun oder engem Protokoll gemaach. An deem Fall décidéieren dann déi zoustänneg Justizautoritéiten iwwert déi noutwenneg Suiten am Fall vun engem Protokoll resp. wann den AT/d'Convocatioun net bezuelt gëtt.